

Iwwert den Ersatzdéngscht vun den Hausdokteren oder d'Geschicht vum Bimbo

Offene Bréif un den Här Minister Di Bartolomeo

Här Minister

Et sinn an de leschte Woche verschidden Artikelen ze liesen gewiescht iwwert den „Dingscht“ vun den Hausdokteren aus dem Secteur Osten, an Dir hutt (laut Wort vum 26.2.07) gesot, dass et Iech elo duer geet. Ech si frou, dëst ze liesen, well ons geet et scho mi laang duer, mee et huet keen sech fir ons interesséiert bis elo, an et wonnert mech, dass nach net méi Lieserbréiwier zu deem Problem komm sinn, da wier scho vläit eppes geännert. Well d'Kommunikatioun mam Gesondheitsministère leider grad esou schwéier ass wéi et schwéier ass, en Dokter hei am Osten ze fannen, wenden ech mech dann elo op deem Wee un Iech.

1. De sougenannten „Dingscht“ gëtt et net, et ass dëst e Begrëff, deen zu ganz ville Mëssverständnisser féiert. Laut dem deontologesche Code muss en Dokter dofir suergen, dass fir seng Patienten eng sougenannten „Continuité des soins“ garantéiert ass. Dat heescht, dass seng Patienten zu méi oder wéineger all Moment en Dokter fannen, wann hiren Dokter net do ass. Dofir kënne sech d'Dokteren zesammen arrangéieren an een deen aner ersetzen. Dëst kann awer och en Dokter am „Hôpital de garde“ sinn. Et steet och net geschriwwen, dass dëst muss 24 Stonnen am Dag sinn.

Et ass also net ondeontologesch, wa mir op onsem Répondeur soen, dass e Patient soll an d'Spidol fueren, wa mir net do sinn. Dëst kënnt jo souwiesou an enger liicht ofgeänneter Form, wann dir elo eng Maison médicale an der Stad opmaacht.

2. Dat, wat di meescht Leit ënner dem „Dingscht“ verstinn, ass awer net eng „continuité des soins“, mee e „service public“, wou den Dokter „vum Dingscht“ fir jiddwereen do ass, deen en Dokter brauch.

Dëst kann en Tourist sinn, oder e Kand, wat soss ëmmer (wat wuelgemierkt sai gutt Recht ass, ech hoffen, dass dëst net falsch verstane gëtt) bei sai Kannerdokter geet, oder e Patient, deen normalerweise an Däitschland beim Heilpraktiker ass, oder eng Fra, wou de Gynécologue net do ass, e

Mann mat Zännwéi, deen net u säin Zännndokter kënnt, e Patient, deem säin Hausdokter sech net un deem Service bedeelegt (verschidden Hausdokteren hunn nach ni matgemaach, Dir kennt se) oder d'Police, déi bei engem Chauffeur, dee gedronk huet, eng Alkoholprouf brauch, oder de Centre socio-éducatif vun Dräibuer, deen en Certificat brauch, dass ee vun den Insassen dierf an d'Zell kommen asw. Dëst sinn alles Saachen, déi absolut näischt mat enger „continuité des soins“ ze dinn hunn. Wa mir Hausdokteren dëst solle machen, da wëlle mir verschidde Konditiounen erfëllt hunn:

- All Dokter, deen net an engem Spidol schafft an do Garde mécht, soll matmaachen, an net nëmme d'Hausdokteren (ech denken z. B. un d'Dokteren aus dem Domaine thermal).

- Mir wëllen e Forfait fir ons Disponibilität owes an de Weekend (just als kleng Randbemerkung: Fir eng Consultatioun samschdes nomëttes kréie mir 2,30 Euro weider wéi normal, jo, dir hutt richteg gelies, zwee Euro drësseg, a wa mir owes um 19 oder samschdes um 17 Auer eng Wonn bitzen, dann ass et deeselwechten Tarif wéi an der Woch, an onse Supplément fir sonndes ass och net steierfräi).

- Mir wëllen eng Liewesversicherung an eng Assurance fir de Fall, wou mir en Autosaccident hunn am Dingscht.

- Mir wëllen eng Garantie, dass de Ministère opkënnt, wa mir net bezuelt ginn (wat bei Touristen üblech ass; dëst war u sech och bis elo theoretisch de Fall, wa mir iwwert d'Zentral vum 112 erausgeschéckt gi sinn: ech waarden nach op d'Ausbezele vun der leschter Ofrechnung, dëst wor 2002);

- eng Informatiounscampagne, fir onse Patienten ze erklären, dass den Dokter vum Dingscht do ass, fir akut Problemer ze dépannéieren an net direkt muss sprangen, fir all déi Leit, déi sech net wëllen déplacéieren, well doheem grad de Fussball um Fernseh leeft oder déi ons sonndes heem bestellen fir e Schnapp, dee säit enger Woch do ass.

Dëst giff eppes kaschten, mee wier et net och, niewent dem Peimusee an deem gudden Stroossenetz, eng Reklamm fir Lëtzebuerg, wann Dir kéint all Mënsch 24 Stonnen am Dag eng Betreuung durch en Hausdokter garantéieren? Wéi vill wier dëst Iech wäert?

Et stellt sech allerdéngs d'Fro, firwat da grad d'Hausdoktere fir esou e „service public“ zoustännech wieren; wéi ass et mat deenen aneren Dokteren, déi net an engem Spidol schaffen an dofir guer keng Gardë brauchen ze maachen, oder mat deenen auslänneschen Dokteren, déi méi wi eng Praxis hunn a just e puer Deeg an der Woch op Lëtzebuerg an hier zweet Praxis kommen? Mir sinn eng Zort „remplaçant universel“ souzesoen, de Sloggi am Gesondheitswieser; dofir nenne vill vun ons dëst de Bimbodingscht, mir sinn de Bimbo oder de Spréngert.

Well mir ons wollten op eng „continuité des soins“ beschränken an eben keen „service public“ maachen, hu mir säit dem Oktober 2002 der Zentral vum 112 keng Lëscht mat dem Numm vum Ersatzdokter méi eraginn; et war déi eenzeg Méiglechkeet ze verhënnern, dass mir ugeruff gi vu Leit, déi net ons Patient sinn. Mir hunn an engem Bréif de Minister Carlo Wagner an och d'Direktioun vum 112 heivun informéiert.

An der Zäit hunn d'Generalisten an der Stad e roude Golf gehat mat bloer Luucht, fir de „service de remplacement“ ze maachen a si hunn och konnten d'Busspuer benotzen. (Mir allerdéngs dierfen d'Busspuer bis haut nach net benotzen, wa mer am „Dingscht“ ënnerwee sinn). Dësen Auto ass ofgeschaaft gi vum Här Wagner, anscheinend huet dëse Service näischt bruecht. Wa mer dann e bësse logesch sinn, da soe mer eis: Ouni entsprechenden Auto kann een an der Stad keen uerdentlechen „service de remplacement“ maachen, et kënnt een net duerch de Verkéier an et kann een net parken. Den Auto ass ofgeschaaft, also ass de Service net noutwendeg. Wann en an der Stad net noutwendeg ass, dann och net um Land, also hale mer op. Dës Decisioun vun Ärem Virgänger huet

vill zu der Onloscht bei ons bägedroen.

Mee mir si vum Thema ofkomm; mir hunn deemools gläichzäiteg dem 112 eng Lëscht eraginn mat den Nimm an Telefonsnummern (inklusive GSM a privat) vun Einzelne vun ons, déi bereet waren, zu all Moment erauszufieren, am Fall vun enger Urgence (mir wollte jo net, dass dëse System op Käschte vun onse Patient geet). Mir sinn awer bis elo esou gutt wéi ni geruff ginn.

Dëst also zum Ënnerschied tëschent enger „Continuité des soins“ an engem „Service public“.

Dir frot iech elo, firwat et am Secteur Mondorf-Réimech de Moment guer keen organiséierte Service méi gëtt? Ma ganz einfach: Et gëtt keen, well keen e méi koordinéiert. En ausgeglachten Dingschtplang opstelle fir e ganz Joer, mat Congéë berücksichtigten asw. hëlt vill Zäit ewech. Ech hunn dëst während siwe Joer gemaach (all Respekt fir déi Kolleginnen an Kollegen, déi et elo nach maachen) an dëst huet all Joer alles an allem - inklusiv Aktualiséierungen, Versammlungen asw. - ongeféier 40 Stonne geholl, meeschtens sonndes (et kann een och soen, dass all Joer eng Schaffwoch drop gaangen ass). Dëst war e Benevolat, niewent der normaler Schaffzeit vu 65 Stonnen/Woch. Steierlicherungen oder soss eppes sinn et fir dës Zäit net ginn, just nëmme Reklamatiounen. Wéi ech domat opgehal hunn Enn 2005, dunn huet sech kee fonnt, fir et ze iwwerhuelen, an dat war och richteg esou vun menge Kolleg(innen).

Wéi mir Iech, Här Minister, e Bréif geschéckt hunn am November 2005, fir ze wëssen, wéi sou vill vun onse Patienten de Weekend - wou mir oft wäit gefuer sinn - den Déplacement net erëmbezuelt kritt hunn, dunn hu mir wuel en Bréif zréck kritt, mee keng Äntwerten op ons prezis Froen.

Mir haten och - virun de Gemeengewahlen an och virun de leschte Chamberwahlen - eng Versammlung mat verschiddenen Deputéierten hei aus dem Kanton, déi sech wollten informéieren iwwert d'Organisatioun vum „service de remplacement“; mir hunn alles erkläert

a si hunn eis och verstanen (et ass ëmmer berouegend ze wëssen, dass e Politiker ee versteet). Mee et ass näischt geschitt, et war verlueren Zäit. Et sinn awer ëmmer nees erëm Politiker vun allen Parteien, déi de Problem nei entdecken an dann eppes hunn, fir sech ze profiléieren an, oui mol mat ons ze schwätzen, dobaussen den Mond voll huelen (dëst ass net fir Iech gemengt).

Wéi geet et weider? Dir wëllt elo eng „Maison médicale“ maachen an der Stad, mee wou ass do den Ënnerschied zum aktuelle System? Da ginn ons Patienten net méi an den „Hôpital de garde“, wéi zum Deel elo eben, mee 200 Meter weider niewendrun an eng „Maison médicale“ bei en Hausdokter. Dëst ännert näischt um Problem, dass keen Dokter no bei de Leit ze errechen ass; wéi ass et bei deem neie Service mat den Hausvisite fir déi Leit, déi sech net kënnen déplacéieren? Firwat net en „service de remplacement“ organiséieren, dee mir aus onser Praxis eraus maachen, ofwiesselnd, wou dann an all Secteur (déi genau Unzuel vu Secteuren wier nach ze bestëmmen), ee bis zwee Doktere Konsultatiounen ubidden an een Dokter Hausvisite mécht? Op dës Manéier braucht Dir keng Wunneng ze lounen an ze ënnerhalen, a virun allem wieren et net alt erëm déi Leit op den Dierfer, déi sech permanent missten an d'Stadt déplacéieren. Et kéint en nationalen Telefonsnummer geschafe ginn, wou een d'Nimm vun den Dokteren aus der entsprechender Regioun giff gewuer ginn, an den 112 kéint op dës Dokteren zréckgräifen, fir eng „Urgence degré II“, sou wéi et an der Konventioun mat der UCM virgesinn ass, an der Praxis awer net vill benotzt gëtt. Ausserdem wier d'Zentral vum 112 entlaascht, wa si net méi géif gestéiert gi fir Uriff, déi näischt mat enger Urgence ze dinn hunn.

Mat allem Respekt

Dr. Alain Weber
Hausdokter, Duelem
webdal@vo.lu

(Dëst ass meng privat Meenung an net onbedéngt déi vun de Kolleg(innen)en aus dem Secteur resp. soss dorueter am Land.)

Alter aktiv gestalten

Für viele Menschen sind angesichts der steigenden Lebenserwartung die Jahre zwischen 60 und 80 heute geschenkte Jahre. Nach dem Ausstieg aus dem Berufsleben erschließen sich neue Freiheitsperspektiven, die zahlreiche Freiräume für neue Betätigungsfelder eröffnen. Endlich einmal Zeit für sich selbst zu haben, neue Horizonte zu erforschen, einer Lieblingsbeschäftigung nachgehen zu können ist in der Tat der Traum vieler alter Menschen. Auf diesem Hintergrund gewinnen Interventionsansätze mit dem Ziel, die soziale

Integration und sozialkulturelle Aktivität im Alter zu erhalten zunehmend an Bedeutung.

Für Familienministerin Marie-Josée Jacobs sind infrastrukturelle Angebote zur Förderung und zum Erhalt der sozialen Integration und soziokulturellen Aktivität wesentlicher Bestandteil einer prospektiven Altenpolitik. Wissenschaftliche Untersuchungen belegen die Tatsache, dass Menschen ab der Lebensmitte, die sich nicht mehr zu fördern wissen dazu neigen, physische, mentale, psychische und geistige Ressourcen abzubauen. Nichts ist

schädlicher für das Wohlbefinden der älteren Menschen als in Inaktivität zu versinken. Lebenskraft, Lebensmut und Lebensfreude gehen verloren.

Der Mensch ist ein soziales Wesen. Zu einer glücklichen und zufriedenen Lebensgestaltung gehören soziale Bindungen. Besonders im Alter ist es wichtig, Kontakte zu knüpfen und zu pflegen, Gemeinsamkeiten mit anderen Menschen zu teilen und sich persönlich auszutauschen. Das Leben der Heimbewohner durch zusätzliche Aktivitäten aktiv zu gestalten, ist ein wesentlicher Be-

standteil des Qualitätsmanagements gut geführter Häuser. An positiven Akzenten fehlt es nicht.

Beispiel: das umfangreiche Aktivitätsprogramm der Résidence Monplaisir in Bad Mondorf. Hier wird den Bewohnern des Hauses auf der Grundlage eines von der Direktion und den Mitgliedern des „comité de liaison“ gemeinsam erstellten Aktionsprogramms eine Fülle von Aktivitäten angeboten, die den verschiedensten Ansprüchen und Neigungen der Pensionäre Rechnung tragen. Kulturelle und gesellschaftliche Veranstaltungen, Ausflüge

und Reisen, Seniorechor, Theaterveranstaltungen sind neben einem umfangreichen Bildungsprogramm (Umgang mit Handy, Computer und Internet) Bestandteil der Lebensqualität der Bewohner.

Ein berühmter Wissenschaftler prägte einmal den folgenden Satz: „Alter ist Reifen, Reifen ist Wachsen, Wachsen ist Lernen, Lernen ist Hoffen. Und Hoffen ist Leben. Um Neues zu lernen ist es nie zu spät“.

Jean Altmann,
Résidence Monplaisir,
Bad Mondorf